Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

Grupp Mère Thérèse Housen-Houschent | Cédric MALEK | 1, an der Triecht L-9837 Neidhausen | Tél: / GSM: 691 826 226 | info@lgs-houhou.lu

Näidsen, den 10. Abrëll 2018

Aktivitéit de "Matmaach-Badge"

Wéis du sécher weess, kanns du bei den AvEx vill Badger sammelen. Wéieng dat all sinn kanns du am AvEx-Pass noliesen (op eisem Site: www.lgs-houhou.lu/AvExPass.pdf). Ee vun dëse Badger ass de "Matmaach" Badge. De Matmaach Badge kritt all Guide oder Scoute wann hatt/hien sech besonnesch beméit a bei allen Aktivitéiten matmëscht. Fir genee ze sinn mussen eng Rei Aufgaben aus dem AvEx-Pass erfëllt ginn.

Fir dir d'Méiglechkeet ze ginn den Matmaach Badge ze kréien, bidde mer bis zum Enn vum Joer ee puer Aktivitéiten un. Wanns du zwou vun dësen Aktivitéiten matgemaach hues, kriss du de "Matmaach" Badge iwwerreecht.

Bei dësen Aktivitéiten handelt et sech ëm kleng Aarbechten am a ronderëm eisem Chalet. Wanns du also motivéiert bass fir dengen Chef ze hëllefen an der ee Badge ze verdéngen, dann zéck net mat ze maachen!

- Info -

Matmaach-Badge: Aktivitéit #1

Branche:	AvEx only!
Datum:	21. Abrëll 2018
Auerzäit:	15:00 – 17:00 Auer
Matbréngen:	- Kleeder fir dobannen (déi awer knaschteg duerfe ginn)
	- Motivatioun a gutt Laun ;-)
Weider Info:	Mer bleiwen de ganze Nomëtteg am Chalet.

Mat beschte Guiden- a Scoutsgréiss,
Gruppechef

Cédric Malek

www.lgs-houhou.lu